


04. November 2023 / 71

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

RDV'er stinn: DPV, INFS-JP, DMS a JFA kommen an déi 4 Regiounen.
Dir dierft awer och am Virfeld schonns är Froen era reechen.

Daten sinn:

**Norden** > 21.11.2023 – 19.00 Auer am CIS Housen

**Norden** > 22.11.2023 – 19.00 Auer am CIS Useldeng

**Zentrum** > 28.11.2023 – 19.30 Auer am CIS Mamer

**Osten** > 29.11.2023 – 19.00 Auer am CIS ~~Waldbëlleg~~ **> CIS Mertert**

**Süden** > 30.11.2023 – 19.00 Auer am CIS SaDiff

Wann dir awer elo net an ärer Zone kéint dobäi, ass et kee Problem an eng aner Regioun ze goen.

# Wëssenstester > "Save the Date"

| Datum | Zone | Wou | Auerzäit |
|---|---|---|---|
| 04.11.2023 | NORDEN | Redange | 15.00 |
| 11.11.2023 | OSTEN | Consdorf | 09.00 |
| 18.11.2023 | ZENTRUM | Lintgen | 09.00 |
| | | | |
| 09.12.2023 | No-Test | Lintgen | 14.00 |

**INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)**

*De Link zu der Newsletter: https://gd.lu/dfLSpq*

Heimat wëlle mir Iech mat de neisten Informatiounen an engem klengen Iwwerbléck iwwert d'Aktivitéiten vum CGDIS op dem neiste Stand halen.

## De Wiessel vum Jugendpompjeeë an den operationelle Volet

Fir Weeër an Zäit vum Wiessel ze verkierzen kennen d'Jugendpompjeeën elo och un de Rekrutéierungsdeeg deelhuelen. Sou kënnen si de Sportstest, déi medezinesch Ënnersichung am STP, an d'Umoossen vun der Asazkleedung souwéi d'Aschreiwen fir hir Coursen (CIC, FIS 1 a SAP 1) an engem hallwen Dag ofzeschléissen. Dësen Dag kann och dovun profitéiert ginn fir nach weider Froen iwwer de Wiessel ze stellen.
D'Kleeder ginn an de jeeweilegen CIS geliwwert.

➔ **Opgepasst: Deelhuelen un der Journée de Recrutement réischt ab 15 Joer an 9 Méint**

**«Rekrutéierungsdeeg» 2023: -> Oppaassen hei hunn Datumer geännert!**

**https://112.public.lu/fr/publications/formations/testsportvolontaires.html**

### Les épreuves pour l'année 2024:



- 13 janvier - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS (GSP)
- 25 janvier - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 22 février - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 23 mars - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 25 avril - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 18 mai - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 27 juin - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 20 juillet - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 29 août - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 21 septembre - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 17 octobre - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 30 novembre - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 12 décembre - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS

https://112.public.lu/fr/volontariat/Volontariat/testsportvolontaires.html

- **Umellen iwwer:**
  - **Mail: volontariat@cgdis.lu**
  - **Tel.: 49771-2332**

# Och dëst Joer gouf dorun erënnert:

Um World Restart a Heart Day wëlle mir Iech d'Coursen vum CGDIS - dorënner och den Éischt Hëllef Cours un d'Häerz leeën, wou Dir déi richteg Geste gewise kritt fir Liewen ze retten.
Méi Informatioune fannt Dir hei: https://112.public.lu/fr/formation/premiersecours.html




**Den 28.10.2023 gouf um "Landesjugendfeuerwehrtag Rheinland-Pfalz" zou Busenberg (D) dem Pompjeeskolleg Jürgen Kindelberger, fir seng jorelaang Aarbecht a Saachen nationalen & internationalen Concours ewéi och seng Fréndschaft, d'Éierenol mat Kroun vun der Lëtzebuerger Pompjeesfederatioun iwwerreecht**.








**Aus der Jugendaarbecht:**

***Feuerwehr Irrel*** *02 10 2023*
+++ erfolgreiche Gemeinschaftsübung der Jugendfeuerwehren +++
Die Gemeinschaftsübung der Jugendfeuerwehr Irrel mit der Jugendfeuerwehr der Feuerwehr Bollendorf & Centre d'Incendie et de Secours Berdorf war ein voller Erfolg. Die Jungs und Mädels konnten das antrainierte Feuerwehrwissen des vergangenen Übungsjahres sehr gut umsetzen und alle geforderten Einsatzziele erreichen.
Der Nachmittag wurde im Anschluss an die "Einsatznachbesprechung" im Gerätehaus Irrel gemütlich ausklingen gelassen.



## CIS Ermsdorf

Eis Jugend hat eng grouß Übung. Mir hunn 2 mol daat selwegt gemaach nemlech Immobilisatioun vun Patienten.Hei een klengen Abléck.





## CIS Remich

Bei der Jugendübung hate mir 3 Atelier‘en, an dene mir eis beim

-HLF mam Thema Stroum a Beliichtung
-RTW mam Material
-TMF mat der Halterung fir de Brancard aus dem RTW beschäftegt hunn.




An der Mëtt vun der Übung ass dunn den HLF op en Asaz gerouf ginn, wou et du geheescht huet, séier d‘Material neess alueden, fir de Camion prett ze maachen.
Hei huet sech gewisen, dass ee sech bei de Pompjeeën openee verloosse kann, well och d‘Equipe vum 1. RTW, déi dee Moment keen Asaz haten, beim Araumen gehollef huet.

Nom Asaz vum HLF hu mir dervu profitéiert fir de Waassertank um Hydrant, dee beim CIS steet, neess ze fëllen a sou dene Groussen ze hëllefen.



## CIS Buurschent



Och bei der Chrëschtbamdeko-Challenge vum #cgdis112 hu mir matgemaach 🌲🌲bessen eppes anescht, awer dofir net manner flott!



**CIS Reiden**



Leschten Samsten 28.10.2023 haaten mir mat deenen Groussen een Ausfluch gemaach wou mir als 1sten op Wolz an den Pompjeesmusée waren wou mir Geschicht vum Pompjeen gewisen an erklärt kritt hunn .Duerno sinn mir zesummen een gudden Maufel iessen gaangen ,wou mir bis voll giess waren hunn mir eis op den Wee gemaach op Martel an den Schiefermusée wou mir dei ganz Geschicht erklärt an gewisen kritt hunn wei sie freier an den Minnen geschafft hunn .



Kanner haaten ganz vill Spass bei deem laangen Daag.
Mir soen der Amicale, Pompjeesmusée an der Geitz, dem Restaurant an der Gaessen an dem Musée de l'Ardoise een groussen Merci





**CIS Rambrouch** Jugendpompjeeën-News 30 10 2023



Wärend deenen zwee leschte Sonndiger waren d'Jugendpompjeeën erëm ganz aktiv um Riesenhaff.

Läscht Woch war et um Grupp A fir hiert Wëssen an den Theme Sprechfunk a Sécherheet op der Asazplaz opzefrëschen an ze erschaffen.

Gëschter hunn d'Jugendpompjeeën aus dem zweete Grupp nach eng Kéier verschidde Manéieren gesi wéi ee Verletzter kann transportéieren. Hei gouf mat Vakuumsmatratz, Schaufeltrag a Spineboard geschafft.

Et huet eis och immens gefreet fir 5 néi a motivéiert Jugendpompjeeë bei eis kënnen ze begréissen.





**CIS Schifflange**

Halloween Party am CIS Scheffleng, et wuar eng gudd Ambiance an Kniddelen wuaren mega






## International Matdeelung:

***Ctif2024official***

Noch etwas mehr als 270 Tage bis zum Start der XXIV International C.T.I.F. Alumni Games, die Woche vom 21. bis 28. Juli 2024 ist bereits voller Termine und Abenteuer für die Teilnehmer, beginnend mit der Ankunft und Begrüßung der Mitglieder der CTIF-Organisation, der Teams und der Richter des für Sonntag 21. angesetzten Wettbewerbs.
Montag findet die offizielle Eröffnungszeremonie der XXIV Internationalen Studentenfeuerspiele statt, Dienstag, 23. das Eröffnungskonzert der XXIV internationalen Studentenfeuerspiele;
Mittwoch, 24. ist den offiziellen Workouts der für die Spiele registrierten Teams aus aller Welt gewidmet;
Donnerstag, den 25. wird der offizielle Tag mit Wettkämpfen und Lager Olympiade sein, am Abend das Galadinner zum Abschluss der Wettbewerbe im Castello di Castelivano.
Am Freitag finden Gitebs und Ausflüge der Teams im gesamten Gebiet von Valsugana statt und nicht nur, sondern der Abend wird geprägt von einer Parade aller Teams und Mitgliedern des Komitees, durch die Straßen von Borgo Valsugana.
Der letzte Tag, Samstag den 27. ist der Teamauszeichnung und Ausstellungen von Ständen aus aller Welt gewidmet... Wir sind bereit für eine spannende Woche!
📷 Foto von: @leonardo.



#vigilidelfuoco #borgo #valsugana #ctif #ctif2024 #vvfborgo #borgovalsugana #trentino #visittrentino #fire #feuer #vvftrentino #federazione #insragram #emergenza #tesino #allievi #fyp

Heizou sief gesot, dass mir am Moment 3 Equippen (2 Regioun/Zone SUD an 1 Regioun/Zone Zentrum) hunn, déi heifir trainéieren.

Mir kënnen der awer just 2 Equippen schécken.




**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen, da gitt eis Bescheed.**